N°3801
Entrée le 19.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.03.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/03/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wunnengsbau & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Um Site vum Fonds Kirchberg gouf 2024 informéiert, datt de Fonds Kirchberg selwer 124 vun de 135 Appartementer vum Projet Kiem 2050 zréckkaf huet.

De Fonds Kirchberg ass een ëffentleche Fong, deen dem Ministère fir ëffentlech Bauten ënnersteet an deemno eng ëffentlech Missioun verfollëgt an méi zum Bau vun erschwéngleche Wunnraum sollt bäidroen. Aktuell bitt de Fonds Kirchberg de Wunnprojet Kiem2050 un, bei deem Wunnengen um Kierchbierg zu engem sougenannten "abordabelen" Präis verkaf ginn. An engem RTL-Artikel vum 15te Mee gouf behaapt, datt dës Wunnenge virun allem fir d'Mëttelschicht geduecht sinn.

Een Appartement mat engem Zëmmer vu ronn 60 m² gëtt fir ronn 600.000 € ugebueden. De Metercarréspräis läit domat bei dësem ""erschwéngleche" Projet bei iwwer 10.000 € pro m². Fir do Mol iwwerhaapt ee Prêt ze kréien (35 Joer, 2600€/Mount), brauchen d'Leit ronn 6500€ Akommes. Dëse Metercarréspräis erschéngt ëmsou méi héich, wann ee bedenkt, datt bei dëse Wunnengen de Präis vum Terrain net am Verkafspräis abegraff ass, well d'Keefer d'Appartementer an engem Bail emphytéotique kafen, also den Terrain nëmmen op 99 Joer lounen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass virgesinn, datt déi 124 Appartementer, déi de Fonds Kirchberg am Kader vum Projet Kiem 2050 opkaaft huet, an Zukunft verkaf oder ganz oder verlount ginn?
2. Wéi vill vun dësen 124 Appartementer sinn zanter dem Opkaf schonn un nei Proprietairen verkaaft ginn?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Wéi vill vun dësen 124 Appartementer sinn zënter dem Opkaf schonn un nei Proprietairen verlount ginn?

4. Falls dës Appartementer nach net verkaaft oder verlount goufen, wéi vill dovunner stinn aktuell eidel?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten